N°8003
Entrée le 04.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8003 vum 19. Mee 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwer den Service de lutte contre les abus et la fraude bei der Gesondheetskeess**

*1) Misst de Patient bei esou enger Enquête net direkt doriwwer informéiert ginn, dass et sech dobäi ëm eng offiziell Enquête handelt an dowéinst och iwwert seng Rechter beléiert ginn?*

- *Wa jo, firwat gëtt dat net nach gemaach?*
- *Wa nee, firwat gëtt dëst net gemaach?*

Wéi schonn an der Äntwert vum 9. Dezember 2020 op d'parlamentaresch Fro n°3272 uginn, bilden déi allgemeng Enquêten e wichtegt Instrument an der neier Politik géint de Bedruch an de Mëssbrauch bei der Gesondheetskeess (CNS). Initiéiert am Beräich vun der Kinesitherapie, ass präziséiert ginn dass dës Enquêten sech och géifen op aner Secteure vun der Gesondheetsversuergung applizéieren.

D'CNS widderhëlt dass d'Deelhuelen un esou enger Ëmfro op fräiwëlleger Basis stattfënnt. Dës Weidere sinn d'Froebéi automatesch vun engem Courrier begleet, deen den Assuré a voller Transparenz iwwer den Objet vun der Ëmfro, seng Zwecker an den eventuelle prakteschen Impakt informéiert.

De Bréif beseet a kengem Fall dass d'Deelhuelen un der Ëmfro obligatoresch ass. Den Assuré gëtt drop opmierksam gemaach dass seng Äntwerte kéinte benotzt ginn, esou dass et der Persoun da fräi gestallt ass, ob se op d'Froen äntwere wëll oder net.

Der CNS ass et wichteg, bei de realiséierten Ëmfroen Informatioune vun de Versécherten an de Gesondheetsberuffler ze kréien. Dës erlaabt et méi cibléiert ze agéieren. Allerdéngs ass drop higewisen dat och hei de Prinzip vun der *présomption d'innocence* voll a ganz spillt an dës Ëmfroen dozou bäidroen eventuell Systemer vun Abusen oder Frauden ze entdecken, ewéi se zum Beispill och schonn an auslännesch Systemer vun der Krankeversécherung entdeckt goufen.

Lëtzebuerg, den 4. Juli 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen